LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Baussen- an Europaminister a vun der Justizministesch op d'parlamentaresch Ufro no. 7104 vum 31. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Laurent Mosar**

EU Reglementer sinn direkt applikabel a mussen net an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn.

Den nationale Kader zur Ëmsetzung vun internationale Sanktiounen zu Lëtzebuerg besteet aus zwee Gesetzer:

- D'Gesetz vum 19. Dezember 2020 iwwer d'Ëmsetze vu Finanzsanktioune;
- D'Exportkontrollgesetz vum 27. Juni 2018 wat och d'Ëmsetzung zu Lëtzebuerg vun den restriktiven Handelsmoossname vun de Vereenten Natiounen a vun der Europäescher Unioun virgesäit.

Dës Gesetzer ëmfaassen strofrechtlech Bestëmmungen fir d'Net-Anhale vun den viséierten restriktive Moossnamen an sinn domat d'rechtlech Basis fir den Justiz-Autoritéiten Poursuitten ze erlaben. D'Operateuren sinn obligéiert sech un déi restriktive Mesuren ze halen a si ginn duerch d'responsabel Autoritéiten, zum Beispill den Douannen am Beräich vum Wuereverkéier kontrolléiert. Méiglech Verstéiss gi sanktionéiert ob Basis vun den uewegenannten Gesetzer.

Lëtzebuerg, den 01. Dezember 2022

Den Aussen – an Europaminister

(s.) Jean Asselborn